## SYNOPSIS

De Noah an de Baba spille Basketball, keng Suerg op der Welt. Kurz drop muss de Baba heem, zréck bei sain Alkoholiker-Papp vunn deem e regelméisseg Streech kritt. Jidder-een am Duerf wees bescheed, mee kee mëcht eppes. De Noah wees et och, mee hien huet dem Baba viru Laangem versprach naischt ze soen. Et geet jo keen eppes un. Enges Owes begéint de Noah de Baba op der Strooss : Hien ass op der Flucht vu sengem Papp, deen en op engem Scooter verfollegt. De Noah wëll sengem Frënnd hëllefen an eet hie wees wéi him geschitt ass hie mam Baba op der Flucht.

## THEMA

De Film dréit sech ëm Gewalt doheem an huet en explizite Message: Et soll ee net färte sech Aneren unzevertrauen a mat Leit iwwert dës Gewalt ze schwätzen. Am Géigendeel, et muss een d'Schweige briechen an dann kritt een och Hëllef.

## PERSONNAGEN

### *Noah*

De Noah ass sympathesch, hëllefsbereet an e ganz soziale Mensch. Hien huet selte mat iirgendengem Problemer a wann och si se schnell aus der Welt geraumt. Hie staamt aus engem Haus wou iwert alles diskutéiert gëtt, wat och de Gronnd ass firwaat hie fir alles eng Léisung parat huet.

### *Baba*

De Baba ass dem Noah sai beschte Kolleeg, mee anescht wéi de Noah fällt et him schwéier Frënndschaften ze schléissen an ëmmer alles positiv ze gesinn. Ausser an de Noah huet hie kee Vertrauen an d'Leit, wat aus senger Erfahrung mat sengen Eltere staamt. Sai Papp schléit hien a seng Mamm kuckt no. Wat soll si och maan ? Wa se agraift kritt si der och. Laang hält de Baba dat net méi aus. Et ass just nach eng Fro vunn der Zait an dann ass hien ab.